N°2883
Entrée le 10.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2883 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Ass dem Minister dëse Problematik bekannt an huet de Ministère schonn entspriechend Reklamatioune kritt?**
2. **Gëtt et aktuell Richtlinnen oder Recommandatioune fir Enseignanten iwwert d'Zesummesetzung vu Materialläschten, fir ze vermeiden, dass spezifesch deier Markeprodukter gefuerdert ginn?**
3. **Wéi gedenkt de Minister ze garantéieren, dass d'Recht op Educatioun net duerch finanzielle Barrièren ageschränkt gëtt an dass all Kanner, onofhängeg vum soziale Status vun hirer Famill, Zougang zu all néidegem Schoulmaterial hunn?**
4. **Plangt d'Regierung fir déi nächst Rentrée eng Circulaire un d'Enseignante bezüglech dem Schoulmaterial ze maachen an eventuell nei Mesuren anzeféieren, fir dës Problematik ze léisen?**

Am Kader vun der schoulescher Organisatioun gëtt et eng allgemeng Hierarchie. An dësem Zesummenhang kënne sech Elteren, déi sech Suergen an engem bestëmmte Beräich maachen, an éischter Instanz un den Titulaire de classe, dann un d'Schoulpresidentin oder de Schoulpresident an uschléissend un déi zoustänneg Regionaldirektioun wenden, falls sech kee Konsens um lokalen Niveau fënnt. Déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwaten Thematik ëmfaasst eng Suerg, déi éischter punktuell ze si schéngt a sech am Prinzip misst op lokalem Niveau léise loossen.

Am Kontext vum Kaf vum Schoulmaterial ginn et Recommandatiounen, déi op Krittäre vun der Nohaltegkeet baséieren. Dës Krittären esou wéi d'Lëscht mam entspriechende Material goufe vun der *Superdreckskëscht* ausgeschafft a ginn am Kader vun der Rentrée op ënnerschiddlechen Niveaue kommunizéiert. D'*Superdreckskëscht* ass ausserdeem ee vun den offizielle Partner vu mengem Ministère, deen ënnert anerem Formatiounen iwwert den IFEN ubitt, an deenen d'Konzept vu *Clever akafen* och traitéiert gëtt.

D'Allocation de rentrée scolaire ass eng staatlech finanziell Ënnerstëtzung beim Kaf vu Schoulmaterial fir Kanner ab 6 Joer. Dës Allocatioun ass fir d'Kanner am Enseignement fondamental op 115 Euro d'Joer fixéiert. Dës Allocatioun gëtt all Joer automatesch vun der Zukunftskeess ausbezuelt an et muss heifir keng separat Demande gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH